ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Oktober 2016

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et héiert een ëmmer nees vu Patienten, déi Schwieregkeete mat Medikamenter hunn an déi sech net gutt berode fillen. 2013 huet Däitschland e Gesetz gemaach, d'"Patienteschutzgesetz", dat dem Patient e Matsproocherecht gëtt an dat e „Behandlungsvertrag" aféiert, dee vu Patient an Dokter virun engem Traitement, grad mat Medikamenter mat Niewewierkungen, muss ënnerschriwwe ginn. An deem Zesummenhang wollt ech der Madame Gesondheetsminister dës Froe stellen:

1. Huet e Patient zu Lëtzebuerg d'Recht, eng genee Erklärung vum Traitement ze froen an eventuell Medikamenter, déi hien net wëllt oder déi hie fäert, ze refuséieren an duerch en aner Traitement ersetzen ze loossen?
2. Huet hien och d'Recht sech iwwer dat Traitement mat engem aner Dokter oder Spezialist ze beroden?
3. Am Fall, wou e Patient net méi am volle Besëtz vu senge geeschtege Fähegkeeten ass, oder net kapabel ass eng medizinesch Erklärung am vollen Ëmfang ze verstoen, wie vu senger Famill kéint en eventuellt Matsproocherecht geltend maachen?
4. Am Fall vun engem onmëndege Patient, ass do geregelt, wéi wäit déi Persoun, déi d'Tutelle huet, bei der Behandlung ee Wuert matzeschwätzen huet?
5. Ass gesetzlech festgehalen, wien d'Patienteberodung bei medikamenteuser Behandlung ze maachen huet, well dacks och an der Apdikt Rezepter mat Medikamenter oder Medikamentekombinatiounen ugezweifelt ginn?
6. Wéi wäit sinn zu Lëtzebuerg Bestëmmunge festgehalen, wéi se an Däitschland am „Patienteschutzgesetz" vun 2013 stinn?

7. Sollten d’Patienten zu Lëtzebuerg nach net esou wäit reechend Rechter hunn, wéi dat an Däitschland de Fall ass, denkt d’Regierung an deem Fall drun, e vergläichbart Gesetz op de Wee ze ginn?

Mat déiwem Respekt,

Gast Gibéryen
Deputéierten